



N°5184
Reçue le 04.11.2021
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, 04.11.2021

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 04/11/2021

Här President,

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech
lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Finanzen weiderzeleeden.**

Cannabis-Produiten, déi gefëmmt kënnen ginn an déi een THC-Gehalt vu manner wéi 0,2%
hunn, gi vun der Douane als "autres tabacs à fumer" behandelt an deementspreechend
besteiert. Et handelt sech also ëm klassesch CBD-Produiten, déi ënnert d'Circulaire INFO
TAXUD 8/2019 falen a fir déi säit 2020, nieft der TVA, och Accisen vum Staat erhewe
ginn.

An deem Zesammenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Wéi vill Recetten huet de Staat säit der Aféierung vun der Accise op CBD-Produiten
ageholl?
2. Wéi huet dës Chiffer säit der Aféierung vun der Steier evoluéiert (opgelëscht pro
Mount)?
3. Wéi huet dës Chiffer par rapport zu de Recetten vun den Accisen op Zigaretten
evoluéiert?
Wéi huet dës Chiffer par rapport zu de Recetten vun den Accisen op Cigarilloen an
Zigaren evoluéiert?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven

Député



www.piraten.lu